# Ouljer Musek a.s.b.l.

## Rapport Generalversammlung vum 12.Januar 2020

Sonndeg de 12.Januar 2020 um 11.00 Auer am Festsall zu Ouljen.

## Dagesuerdnung:

-

**1. Begréissung vum President**

De President Raymond Lepasch begréisst déi 80 Memberen an Invitéeën déi sech op der ordinärer Generalversammlung afonnt hunn, de Buergermeeschter Jean-Francois Wirtz, de Schäffen Reinhold Dahlem, d'Gemengeconseilleren Sylvette Schmit-Weigel, Fernande Klares, Patrick Lamhène, a Marc Bosseler, souwéi och de Joe Heintzen , Delegéierten vun der UGDA.

**2. Aktivitéitsrapport vun 2018**

De Sekretär Paul Kieffer mécht e Rapport vun den Aktivitéite vum ganze Joer 2019.

**3. Keeserapport**

D'Tresorière Sandra Weyer-Hall presentéiert de Bilan vun 2019, den e Boni vun am ganzen 11.470,34 € opweist.

**4. Rapport vun de Keeserevisoren**

D'Keeserevisoren Michèle Biel a Luc Girst versécheren d'Kees kontrolléiert a fir gutt fonnt ze hunn, a bieden d'Versammlung de Keessier an de Comité ze entlaaschten.

**5. Entlaaschtung vum Comité duerch d'Generalversammlung**

D'Generalversammlung gëtt dem Comité an dem Keessier Entlaaschtung..

**6. Wiel vun de Keeserevisoren**

D'Michèle Biel an de Luc Girst erklären sech bereet d'Amt vum Keeserevisor e weidert Joer auszeüben.

**7. Budget a Programm 2020**

D' Sandra Weyer-Hall presentéiert de previsionnele Budget fir 2020.

De Programm 2020 gëtt a Form vun engem Flyer un d'Invitéeën verdeelt, a kuerz vum Sekretär presentéiert.
De Jo Steffes presentéiert der Versammlung den Trajet an de Programm fir den Trëppeltour Editioun 2020..

**8. D'Wuert vum Dirigent**

Den Dirigent Marc Garson bedankt sech ganz besonnesch beim President fir déi gudd Zesummenarbecht. Hien mécht e kuerze Réckbléck op déi 7 Joer déi hien ewell bei der Ouljer Musek Dirigent ass, an zitt eng duerchwegs positiv Bilanz. Hien ass iwwerzeegt dass op musikaleschem Niveau nach wieder Potenzial do ass fir sech wieder ze entwéckelen, an dass mir zesummen um gudde Wee sinn. Besonnesch de lëschte Chrëschtconcert huet hien dervun iwwerzeegt dass déi vill Ustrengungen d'Saach wäert waren an dass mir zesummen an déi Richtung solle viruschaffen.

**9. Ophuele vun neie Memberen**

Et demissionéieren aus dem Comité a sinn net méi wielbar: Raymond Lepasch a Sven Hemmen.
Nei opgeholl an de Comité gëtt den Tom Goedert.
D'Zuel vun de Comitésmemberen beleeft sech domat op 12 .

**10. D'Wuert vun der Gemeng**

De Buergermeeschter Jean-François Wirtz begréisst sämtlech Memberen an Invitéeën vun der Versammlung a geet kuerz op d'Aktivitéite vun der Ouljer Musek an. Hien begréisst et dass de Veräin nieft senge Concerten och nach vill aner Manifestatiounen organiséiert, an domat eng Ouverture no bausse mécht, wat den Awunner vun der Gemeng a ganz besonnesch och de bäigezunne Bierger d'Integratioun erliichtert. Hie geséit et als eng Fflicht vun de Veräiner d'Dieren no baussen opzemaachen, fir nei Leit, nei Impulser an eng nei Dynamik an der Gemeng. Bedéngt duerch de personellen Zouwuess ass de Proufsall op der Millen mëttlerweil ze kleng ginn. Fir d'Adaptatioun vum Sall leien der Gemeng aktuell 2 Alternativen um Dësch déi deemnächst solle schiffréiert ginn. An Zesummenaarbecht mam Veräin soll dann déi bescht méiglech Léisung festgehale ginn. Zum Ofschloss betount hien nach dass d'Ouljer Musek mat hierem Asaz eng Force Vive vun der Gemeng ass, a wënscht hier vill Erfolleg fir 2012.

**11. Festleeën vum Membersbeitrag fir 2020.**

De Virschlag vum Comité fir de Beitrag vun der Memberskaart 2020 op 15,.€ ze beloossen gëtt eestëmmeg vun der Versammlung ugeholl.

**12. Usproch vum UGDA Vertrieder an Iwwerreechen vun Medailen a Kaddoen**

Den UGDA Delegéierten Joe Heinzen bedankt sech fir d'Invitatioun op d'Generalversammlung vun der Ouljer Musek. Zesumme mam President Raymond Lepasch iwwerreecht hien folgend Auszeechnungen:

Medaillen UGDA

- Steffes Mil - insigne 5 ans
- Goedert Claire - insigne 5 ans
- Girst Mathis - médaille de mérite en bronze 10 ans
- Meisch Liss - médaille de mérite en argent 20 ans
- Ravinger Louis - médaille de mérite en argent 20 ans

- Waldbillig Steve - médailee de mérite en vermeil 30 ans
- Brück-Greif Christiane - médaille de mérite en vermeil avec palmette 40 ans
- Bourscheid Romain - médaille de mérite en vermeil avec palmette 40 ans

OULJER MUSEK

Ausgezeechent fir 35 verdéngschtvoll Joer an der Ouljer Musek gëtt:

Steffes Diane ( Bong am Wäert vun 500.-€)

Meeschte Prouwebesuch:

Eng Fläsch Cremant fir:

1. Remy Steffes, 44 Prouwen = 100%
2. Steve Elcheroth, 43 Prouwen = 98%
3. M.-Jeanne Molitor 42 Prouwen = 95%
   Christiane Brück 42 Prouwen = 95%
   Tom Goedert 42 Prouwen = 95%

**13. Verschiddenes a fräi Aussproch**

Keng Bemierkungen

**14. Spendenaktioun.**

De President Raymond Lepasch iwwerreecht dem Paschtouer Guy Diederich, den Erléis vun der Kollekt vum Chrëschtconcert 2019 , deen sech op 1.500.-€ beleeft. Den Erléis geet un d'Hëllefsaktioun vum Parverband Musel a Syr „Hëllef fir Jugendlecher am Burkino Faso".

**15. Schlusswuert**

De President Raymond Lepasch bedankt sech béi de Leit déi present sinn an erkläert d'Generalversammlung fir opgehuewen.